

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).*

Gët d'Châmber d'Dispens vum zwete Vote constitutionnel ?

*(Assentiment)*

Et as also esou décidéiert.

### 3. Projet de loi 3369 portant approbation et exécution de la Convention relative aux zones humides d'importance internationale particulièrement comme habitats des oiseaux d'eau, signée à Ramsar, le 2 février 1971, telle qu'amendée par le Protocole de Paris du 3 décembre 1982 et par la Conférence des Parties Contractantes, le 28 mai 1987 *(Suite)*

Gëschter sin d'Diskussioun an d'Lecture vum Article unique ofgeschloss gin a mir kënnen direkt zum Ofstëmmen iwwergoen.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi sin. stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 3369 as eestëmmeg ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen.

*Ont roté oui : Mme Nancy Arendt (par M. Marcel Glesener), MM. François Biltgen (par M. Edouard Juncker), Willy Bourg, Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Nicolas Estgen (par M. Nicolas Strotz), Luc Frieden, Pierre Frieden (par M. Willy Bourg), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Alphonse Theis), Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes (par M. Ady Jung), Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler (par M. Luc Frieden) :*

*MM. Jean Asselborn (par M. Claude Halsdorf), Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Camille Weiler), MM. Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Roger Klein, René Kollweiler, Jeanmot Krecké (par M. Jos Scheuer), Mme Françoise Kuffer (par Mme Lydia Mutsch), M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi :*

*MM. Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Henri Grethen (par M. Carlo Meintz), Carlo Meintz et Jean-Paul Rippinger (par M. Emile Calmes) :*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen :*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).*

Gët d'Châmber d'Dispens vum zwete Vote constitutionnel ?

*(Assentiment)*

Et as also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4104 iwwer de Wirtschaftswuesstum an d'Erhale vun den Aarbechtsplazen. Et hu sech bis elo ageschriwwen déi Härre Bettendorf, Zanussi, Gibéryen a Bausch.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Glesener.

### 4. Projet de loi 4104 ayant pour objet

**1. de modifier et compléter la loi du 26 juillet 1975 autorisant le Gouvernement à prendre des mesures destinées à prévenir des licenciements pour des causes conjoncturelles et à assurer le maintien de l'emploi;**

**2. de modifier et compléter la loi modifiée et adaptée du 24 décembre 1977 autorisant le Gouvernement à prendre des mesures destinées à stimuler la croissance économique et à maintenir le plein emploi**

*Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi*

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Här President, Kolleginnen a Kollegen. Mir hun e Projet de loi zur Diskussioun, deen am Wirtschaftsministère ausgeschafft as gin, vum Wirtschaftsminister deposéiert as gin, mä well en eng Rei aarbechtsrechtlech Bestëmmunge beinhalt an ofännert as en an d'Commission du Travail et de l'Emploi komm.

Wann ech dat soen, da kënnt all Mënsch der Meinung sin, dass dat esou normal wir. Et as awer a leschter Zäit nët méi esou normal, dass Projetën, déi déposéiert sin an déi sech strikt mam Aarbechtsrecht befaassen, och an déi zoustänneg Kommissioun kommen. Mir hun dofir och an der Kommissioun un de Châmberbureau an un d'Commission de Travail vum der Châmber geschriwwen, fir drop opmierksam ze maachen, dass et nët seriö wir wa Projetën, déi sech ausschliisslech mam Aarbechtsrecht befaassen, nët an d'Kommissioun vum Travail an dem Emploi kommen. De Bureau an d'Commission de Travail hun awer fröhlich und munter dru festgehalten, dass dat gutt esou wir. Ech fannen et awer nët gutt a méng Kommissioun och nët, dass beispillsweis Projetën, déi sech ausschliisslech mam Aarbechtsrecht befaassen, komplett laanscht déi zoustänneg Kommissioun lafen. Ech géif dës Geleënheet benotzen, Här President, un Äre bon sens ze appelléieren an nach eng Kéier ze kucken, fir do eng Léisung ze fannen, dass zumindest awer d'office déi Projetën, déi sech mam Aarbechtsrecht befaassen, och an déi zoustänneg Kommissioun kommen. A wann een eng Kéier mam President driwwer diskutéiert, da géif een och eng Léisung fannen, dass jiddereen d'accord as fir säi Pelferkärche bäizeleën.

Dat gesot, Här President, Kolleginnen a Kollegen, géif ech elo zum Projet de loi kommen, deen eis virläit.

Am Rumm vum der Krisebekämpfung a fir Entloossungen ze verhënneren huet d'Regierung an de 70er Joren an och duerno eng Rei vu Gesetzter erlooss. Esou as de 26. Juli 1975 d'Kuurzaarbecht aus konjunkturelle Grënn hei zu Lëtzebuerg agefouert, déterminéiert an och festgeluegt gi wat d'Héicht as vun den Entschiedegungen an doriwwer eraus sin och d'Konditiounen festgeluegt gin, déi

mussen erfüllt sin, fir dass e Betrib mat sänge Leit ka Kurzaarbecht beantragen aus konjunkturelle Grënn.

1977 as dat Gesetz erweidert gin an zwar dohigehend, dass och d'Betribler kënnen Demandë maache fir Kurzaarbecht anzeféieren, nët aus konjunkturelle Grënn, mä aus strukturelle Grënn. Dat as also d'Gesetzeslag wéi se säit 1975 an 1977 besteet.

Am Laf vun de Joren huet et sech awer erweisen, dass op Grond vun den Erfarungen, déi gemaacht gi sin an der Krisebekämpfung an och op Grond vu verännerte Wettbewerbsbedéngungen hei zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch Changementer an Europa an an der ganzer Welt, dass verschidde Bestëmmunge misste verbessert a geännert gin am Intérêt vun der Ekonomie, am Intérêt vu Betribler, déi strukturell Problemer hun, fir kënnen an de Genoss vu Kurzaarbecht ze kommen an notament dann och am Intérêt vun de Leit, déi an dene Betribler schaffen an esou eng Chance behalen nët entlooss ze gin, mä hir Aarbechtsplaz wéinegstens zu engem Deel nach kënnen ze behalen.

De Comité de Coordination tripartite huet sech am Abrëll 1995 mat där Problematik ausenanageresat an en Avis ofgin. Ennert der Ledung vum Här Goebbels als Wirtschaftsminister, deen de Comité de Conjoncture présidéiert, sin dun der Regierung eng Rei Propositionne gemaacht gin, déi dozou gefouert hun, dass an der Ekonomie e Reformprojet ausgeschafft as gin, deen de Wirtschaftsminister de 6. Dezember 1995 an der Châmber déposéiert huet.

D'Kommissioun vum Travail an dem Emploi huet direkt de 24. Januar 1996 hir Aarbechten opgeholl. Mir hu gewaart bis d'Avië vun de Beruffschâmber virlouchen, déi och relativ prompt komm sin an déi alleguer positiv zu dene Reforme waren. Mir hun op den Avis vum Staatsrot gewaart, deen e bësse méi laang op sech waarde gelooss huet an érëischt de 4. November 1997, also virun dräi Méint, as den Avis vum Staatsrot virgeluegt gin, esou dass d'Kommissioun elo virun enger Woch konnt de Rapport zum Projet de loi zur Ofstëmmung bréngen.

Ganz kurz: wat as den Impakt vun der Kurzaarbecht hei zu Lëtzebuerg? Déi lescht Statistiken, déi eis definitiv zur Verfügung stin, belafe sech op d'Jor 1996. 1996 waren am Schnëtt 21 Betribler hei zu Lëtzebuerg, déi ënnert d'Kritäre vun der Kurzaarbecht gefall sin a Kurzaarbecht applizéiert hun. Iwwer de Fonds de l'Emploi sin 3.696mol Indemnitéite bezuelt gin, wat nët wéineg as. Dat huet 1996 am ganze 57,5 Milliounen uitgemaacht, déi vum Fonds de l'Emploi u Leit verséiert gi sin, déi hu misste Kurzaarbecht maachen, wat zu sensible Lounverloschter fir déi Leit féiert.

Et muss ee wëssen, dass déi Leit am Schnëtt keng 40 Stonne méi schaffen, mä vläicht nach 20 Stonnen op Grond vun den Accoren, déi mat de Gewerkschafte gemaacht gi sin. Während denen 20 Stonnen, wou se nët schaffen, kréie se eng Indemnitéit vun 80% vun hirem Loun. Dat sin also ganz sensibel Aboussen, an doriwwer eraus fällt och den éischten Dag Kurzaarbecht zu Laaschte vun deem betraffene Kurzaarbechter an deen zweten Dag zu Laaschte vun der Entreprise.

Mä leschten Enns as et nach besser wann ee ka Kurzaarbecht maache wéi wann ee géif aus séngem Betrib entlooss gin an doduerch keng Aarbecht méi hätt.

Den Inhalt vun de Gesetzesännerunge fant Der am Detail am Rapport, dee mer Iech présentéiert hun. Ech wëll nëmme ganz kurz e puer Saachen ervirsträichen, fir nët dat ze widderhuele wat am schrëftleche Rapport festgehalten as gin.

Wat wichteg as ze soen, dat as wat nët ofgeännert gët duerch dës Gesetzesreform. Dat as d'Héicht vun den Entschiedegungen. Déi bleift bestoen.

Ofgeännert gin eng Rei vu Konditiounen am Intérêt vun de Betribler, fir vläicht éischter an de Genoss vu Kurzaarbecht kënnen ze kommen. Doriwwer eraus gët och d'Altersgrenz ofgeännert, déi bis elo nom ale Gesetz nach bei 65 Jor louch. Déi gët awer elo ugehewe bis op d'Altersgrenz vun 68 Jor.

Ofgeännert gët am Projet, dass Betribler kënnen an de Genoss vu Kurzaarbecht kommen oder eng Demande maachen, nët nëmme wann de ganze Betrib an enger Situation de crise as, mä och fir eenzel Divisiounen a Betriebsabteilungen kënnen Demandë gemaacht gin a kënnen éligibel erkläert gin, nët méi wéi an der Vergaangenheet vun denen zwee zoustännege Minister vum Travail an der Ekonomie, mä de gesamte Conseil de Gouvernement muss d'Éligibilitéit festleën, ob e Betrib oder e Secteur a Kris as, ob e ka Kurzaarbecht kréien aus strukturellen an och aus konjunkturelle Grënn.

Da gët verbessert, dass Betribler, och wann ee Secteur nët a Kris as an nët festgestallt gët, dass en a Kris as, awer kënne vu Kurzaarbecht profitéiere wa se ofhängeg si vu Betribler, déi en crise sin an déi en crise festgestallt gin.

Da kënnen och Betribler an Zukunft vu Kurzaarbecht profitéiere bei Cas de force majeure. E Cas de force majeure as zum Beispill wann duerch Streik den Approvisionnement vun engem Betrib nët méi garantéiert as, dee Betrib also nët ka schaffen. Da kann dee Betrib fir sech a fir sänge Leit Kurzaarbecht ufroen.

Fir dass awer nët d'Betribler en permanence, wat bis elo de Fall war, Kurzaarbecht maachen ouni sech Gedanken ze maachen, fir de Betrib eventuell ëmzestrukturéieren, an illimitéiert vu Kurzaarbecht kënne profitéieren, wéi dat bis elo de Fall war. Well wann een déi lescht 5, 6 Jor zrëckkuckt, da fënt een ëmmer erëm déi selwecht Betribler, déi während Joren, Dag fir Dag a Mount fir Mount, a Kurzaarbecht sin, wat natierlech erkläert, dass déi Betribler sech an enger ongesonder Situatioun befannen. Duerfir sin elo Limiten agesat gin, datt d'Subventioun nëmme fir ee Mount gültig as a maximal fënnefmol ka verlängert gin. Doriwwer eraus as och déi konjunkturell Krisensituatioun, déi muss festgestallt gi fir e Secteur, limitéiert op 12 Méint. Déi kann awer renouveléiert gin, fir ze verhënneren, dass Betribler en permanence virstelleg gin ouni Efforen ze maachen, fir hire Betrib seriö ze restrukturéieren an esou eng Iwwerlebenschance ze hun, fir kënnen ze profitéiere vun der Kurzaarbecht.

Déi Limitë sin akzeptéiert gi vu Säite vun de Beruffschâmberen, wou eng Beruffschâmber gesot huet, déi kënnt een nach erweideren an ausdenken iwwer 12 Méint eraus, mä mir waren der Meinung, dass dat schon eng seriös Limite wir.

Deen zwete Volet, deen een nach muss erwähnen, dat as, dass 1977 d'Gesetz schon erweidert as gin, dass och strukturell Problemer kënne geltend gemaacht gin, fir kënne vu Kurzaarbecht ze profitéieren. Och deen Deel vum Gesetz gët verbessert an deem Sënn, dass e Betrib

kann aus strukturelle Grënn Kurzaarbecht ufroë wa festgestallt gët, dass eng Verbindung vun den Aktivitéiten duerch konjunkturrell Abousse méi wéi sechs Méint gedauert huet. Wann Zweifel bestin, dass och bei enger wirtschaftlecher Relance dee Betrib awer vun haut op muer an der Situatioun as fir erëm voll ze schaffen, da kann de Betrib strukturell Grënn geltend maachen, fir kënne vun der Kurzaarbecht ze profitëieren.

Dat sin, wéi gesot, déi wesentlechst Verännerungen, déi virleien, fir engersäits Limiten anzesetzen a fir anersäits de Betriber d'Geleënheet ze gin, fir a bestëmmte Situatiounen méi schnell an och besser kënne vun dene Méiglechketen ze profitëieren. Wat awer muss en tout cas garantéiert sin ier e Betrib eng Demande ka maachen oder ier e Betrib vum Conseil de Gouvernement op Urode vum Comité de Conjoncture ka vun der Kurzaarbecht profitëieren? Et muss e vorhergehenden Dialog stattfond hu mat de gewerkschaftlechen Organisatiounen, déi am Betrib sin, an et muss en Accord fond gin, dass den Emploi garantéiert bleift fir déi Leit, déi an deem Betrib schaffen respektiv muss e Sozialplang erstallt gin zu Gonschte vum Personal, dat an deem Betrib schafft.

Voilà, Här President, Kolleginnen a Kollegen, dat sin déi wesentlechst Detailer, déi ech nach wollt zu méngem schrëftleche Rapport gin, fir déi zwee Gesetzter vun 1975 an 1977 ofzeënneren. Mir hoffen, dass mer domat dem Wonsch vun de Sozialpartner an der Tripartite nokomm sin, déi jo déi Verbesserungen do 1995 verlaangt hun. Ech soen och als President de Kollegen aus der Kommissioun merci fir dat prompt Matschaffen. Ech soen och de Verrieder vum Wirtschaftsministère a vum Aarbechtsministère merci fir dee Support, dee se eis gin hun an der Kommissioun, fir esou schnell wéi méiglech kënne eisen Avis ze gin zum Projet vum Här Goebbels.

Ech soen da merci dem Sekretär vun der Kommissioun a méngé Mataarbechter an der Fraktioun, déi wesentlech dozou bäigedroen hun, fir dee Rapport an där Form, wéi en lech virläit, ze redigéieren. Am Numm vun der Kommissioun bidden ech d'Chamber, deem Projet, dee wichtig as an dee wesentlech kann dozou häidroen, Entloossungen ze verhënneren, séng Zoustëmmung ze gin an ech gin och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet.

**M. le Président.** - Als éischten Diskussionsriedner as den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech soen dem Här Rapporteur merci fir säin ausféierleche schrëftleche Bericht an och fir séng méndlech Ausféierungen. Hien huet schons drop higewisen, dass duerch dëse Projet sollen zwee Gesetzter geännert gin, an zwar d'Gesetz vum 26. Juli 1975 an deem et drëm gaangen as, Entloossunge virzebeuge wa Betriber a konjunkturrell Schwiregkete gerode sin, fir eben dem Arbeitnehmer d'Aarbecht ze erhalten. Dat zweet Gesetz, dat geännert gët, as dat vum 24. Dezember 1977. Dat hat en anere Charakter. Hei as et drëm gaangen, fir d'Croissance économique ze stimulëieren an iwwer dee Wée de plein emploi ze erhalten.

Haut si mer mat 7.000 offiziellen Demandeurs d'emploi wäit vum plein emploi ewech. D'Problemer sin haut vill méi grouss wéi deemools an et geet elo drëms, fir se duerch déi zwee Gesetzter ze léisen.

Ech brauch nët méi am Detail op d'Artikelen anzegoen. De Rapporteur huet dat schons gemaacht. Ménger Meinung no bleift d'Haaptfro déi hei:

Wann e Betrib konjunkturrell Problemer huet an déi konjunkturrell Problemer behält iwwer Joren eraus, kann een dann nach drop hoffen, dass et besser geet, oder hu mer et dann nët bestëmmt esouguer mat engem strukturelle Problem ze din?

Et steet fir ons Deputéierten nët zur Diskussioun, dass de Stat soll a muss hëllefen, wann an engem Betrib kurzfristeg Problemer entstin, dass da keng Leit sollen entlooss gin, mä dass dem Betrib mat séng Leit gehollef gët, iwwer dës schlecht Period ewechzekommen.

Anescht as et, wann et sech ëm strukturell Problemer handelt. Da muss d'Analys gemaacht gi wat fir eng Problemer de Betrib huet. Wann et sech wierklech ëm e strukturelle Problem handelt, dann huet et kee Wäert Suën an e Faass ouni Buedem flëissen ze loossen, mä dës Suë besser an eng Emstrukturéierung vum Betrib ze stiechen, de Betrib an eng nei Richtung ze orientéieren, wou Chancë bestin, dass e sech kann um Maart behapten.

Da gët et natirlech en drëtt Beispill: wann e Betrib strukturell a konjunkturrell Problemer huet. Ech denken hei un d'ARBED. Do waren et eng Kéier konjunkturrell Problemer, da waren et erëm strukturell Problemer. Gott weess awer wat eist Land a séng Leit iwwer Jorzéngte Leeschtunge bruecht hun, fir den Einbau, den Ofbau, d'Reduzierung vun Aarbechtsplazen ofzefiederer.

Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass et richtig war hei massiv ze hëllefen. Eist Land huet dat gepackt an huet dës grouss Kris iwwerwonnen. Op där anerer Säit as et awer ze bedauern, dass öfters kleng Betriber oder Commercen am Reen stoë gelooss gin, souguer wa se hu missen duerch Interventioun vum Stat d'Diren zoumaachen. Ech denken u kleng Commercen, déi duerch Stroossebauaarbechten, déi sech iwwer Joren erausgezun hun, hir Clientë verluer hun an dann hu missen de Schlëssel ënnert den Teppech leën. Déi Leit kruten nët gehollef an dat war nët gutt.

Am Artikel 2 (4) vun dësem Projet steet folgenden Text ze liesen: hei geet Rieds vun der Décision ministérielle : "Elle peut également s'appliquer aux entreprises qui n'appartiennent pas à une des branches visées au point (1), mais qui sont confrontées à un cas de force majeure, autre que ceux qui sont visés par l'article 6 de la loi du 25 avril 1995, dont la nature peut être précisée par règlement grand-ducal et qui empêche le maintien de l'emploi par les propres moyens".

De Conseil d'Etat hat Schwiregkete mat dem Cas de force majeure. Ech sin awer der Meinung, dass de Cas de force majeure soll berücksichtegt gin, dass dat fir all Betriber a Commercé muss gëllen, ouni Bevirdelegung vun deem engen zum aneren. Hei musse genau Regeln opgestallt gi wat e Cas de force majeure iwwerhaupt as oder wat en nët as.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hu vir-drin drop higewisen, dass, wann e Betrib permanent a Schwiregketen as, dass hei muss d'Analys gemaacht gi wou déi Schwiregketen hirkommen a wéi ka gehollef gin.

Am Artikel 7 (2) steet, dass all 6. Demande, déi vun engem Betrib agereecht gët fir Hëllef ze kréien, ob déi Demandë successiv sin oder nët, dass dann esou eng Analys gemaacht gët vun der ekonomescher a finanzieller

Situatioun vun der Entreprise, an dass déi muss gemaacht gi vum Sekretariat vum Comité de Conjoncture. Op Basis vun dësem Avis gët dann de Regirungsrot aviséiert, ob d'Dispositiounen, déi an dësem Gesetz stin, hältbar sinn oder net.

Fir mech as dës Analys immens wichteg. Et kënn ganz vill op d'Aart a Weis u wéi dës Analys ausgesäit a wéi se gemaacht gët. As et nëmmen eng Analys, déi seet, et as e konjunkturelle Problem oder et as e strukturelle Problem. mir bezuelen oder mir bezuelen net? Fir mech misst et wierklech eng Analys sin, déi ganz an den Detail geet an dem Betrib seet, wéi em ka gehollef gin, fir iwwer seng Schwirigkeiten ewechzekommen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei wäerd dëst Gesetz stëmmen. Mir hoffe mat allen Deputéierten heibannen, dass d'Gesetz och a Wierklechkeet wäerd eppes bewierken. Perséinlech woën ech awer ze bezweifelen, dass mir heimat e grouse Schratt no vir gemaacht hun. Trotzdeem géif ech mer dat wënschen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner as den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

**M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer uganks dem Rapporteur Marcel Glesener merci ze soë fir seng ganz gutt Aarbecht, déi en a séngem schréffleche Rapport gemaacht huet an em och merci ze soë fir seng mëndlech Ergänzungen, déi en op dëser Tribün zu dësem Projet virbruecht huet.

De Projet, dee mer haut diskutéieren, dréit a séngem Titel zwee Themen, éischters d'Beschäftegung an zweetens de Wirtschaftswuesstum. Dat sin Themen, iwwer déi mer am Laf vun dene leschte Wochen a Méint hei an der Chamber dës öfteren diskutéiert hun an déi och bei eis am Land héchst Aktualitéit bis auf weideres genéissen.

Mir wëssen, dass d'Rezessioun an der Europäescher Gemeinschaft vun Ufank den 90er Joren ongeféier 4,4 Milliounen Aarbechtsplaze kascht huet. Dat as bal d'Halschent vun den 9,3 Milliounen Aarbechtsplazen, déi an der zweeter Halschent vun deem leschte Jorzéngt geschafe gi sin.

Als Land si mer och net vun där doter Entwécklung verschount bliwwen. Den Thema Chômage as och hei zu Lëtzebuerg en Thema. 4% oder 7.000 Chômeure si Grond genuch, sech iwwer déi dote Problematik och hei am Land Gedanken ze maachen.

An dene leschte Jorzéngten as et eis awer, mengen ech, gelongen duerch eng Emstrukturéierung vun eiser Économie, vun enger éischer monolithescher Schwéierindustriestruktur hinzégoen op eng méi diversifizéiert Industrie an dat dank dene villen Efforen, déi de Robert Goebbels a senger Eegenschaft als Wirtschaftsminister gemaacht huet, an iwwer deen dote Wee konnten eng ganz Rei vun neien a polyvalenten Entrepreneuren an eisem Land ugesidelt gin.

Mä och eng diversifizéiert Industrie bleift ufällig, vläicht manner wéi eng monolithesch Industrie, fir konjunkturell Problemer, fir strukturell Problemer an och fir Schléissungen. Situatiounen mat dene mer och hei am Land am Laf vun dene leschte Joren dës öftere konfrontéiert waren.

Fir déi dote Problemer an de Grëff ze kréien, hu mer eis am Laf vun dene leschte Jorzéngten eng Rei vun

Instrumenter, Strukturen a Gesetzer gin, an eng vun dene Strukturen as de Koordinatiounscomité vun der Tripartite aus dem Jor 1995, wou en Aktiounsplang diskutéiert gin as fir d'Beschäftegung, a wou op Grond vun deem Aktiounsplang d'Regierung eng ganz Rei vu Moossnamen geplangt huet. Eng vun dene Moossnamen, déi aus den Diskussiounen erauskomm as, as eben eng Verbesserung vun der Effikassitéit vun de Gesetzer vun 1975, respektiv 1977 iwwer d'Beschäftegung an de Wirtschaftswuesstum a speziell déi Dispositiounen iwwer d'Indemniséierung vun der Kurzarbecht.

D'Instrument vun der Entschiedegung vun der Kurzarbecht huet sech am Laf vun dene leschte Jorzéngten bewäert an iwwer de Wee konnten eng ganz Rei vun Aarbechtsplazen erhale gin, Entloossunge verhënnert gin, ouni dass d'Entrepreneuren an déi betrafte Leit dorunner hu misse leiden.

No gutt 20 Jor Erfahrung mat deem Gesetz as et awer un der Zäit, ze analyséieren, wou d'Schwaachstellen leien an effektiv huet d'Diskussioun am Koordinatiounscomité vun der Tripartite eng Rei vu Schwaachstellen opgedeckt, an et as d'Aufgab an d'Zil vun dësem Projet de loi, déi dote Schwaachstellen ze verbesseren an d'Instrument vun der indemniséierter Kurzarbecht ze verbesseren an hir Effikassitéit ze erhéijen.

D'Schwaachstellen an deem Gesetz, déi sech an dene leschten 20 Jor an der Praxis gewisen hun, sin a kurzem Résumé folgend:

Eng ganz Rei vun Entrepreneuren hu ganz oft déi dote Méiglechkeet ugefrot ouni dass se vun der Méiglechkeet profitéiert hun. D'Entrepreneuren hu scho bal prophylaktesch Demandé gemaacht fir entschiedegt Kurzarbecht, hun dann awer net dovun profitéiert. Et stellt een och fest an den Documents parlementaires, dass et oft déi selwecht Entrepreneuren ëmmer erëm waren, déi hir Demandé gestallt hun. Et stellt een och fest, vü dass keng zäitlech Begrenzung fir den indemniséierte Chômage partiell war, datt dat zu enger Rei vu Problemer gefouert huet, virun allem huet et dozou gefouert, dass ni eng richtig Analys gemaacht gin as vun den eeschte Problemer, déi déi Entreprise huet, sin et konjunkturell oder strukturell Problemer, an doduerch dass et keng Limitatioun an der Zäit gouf, konnt och déi dote Ursacheforschung ni am Detail gemaacht gin.

En anere Schwaachpunkt war d'Tatsaach, dass d'Eligibilitéit vun den Entrepreneuren sech beschränkt huet op déi Entrepreneuren aus dem Secteur en crise. Doduerch sin awer zum Beispill eng Rei vun aneren Zouliwwerentrepreneuren, wann d'Entreprise en crise a schwéiere Situatioun war, och noutgedrungen a schwéiere Situatiounen komm sin, ouni dass hinne konnt gehollef gin.

Dee Projet, dee mer hei diskutéieren, soll probéieren déi Schwaachstellen an den zwee Texter ze ergänzen an ausbesseren, an do wëllt ech vläicht jhust zu den zwee Texter déi eng oder aner Initiativ an Iddi, déi dra sin, kommentéieren.

Am éischten Deel vum Projet de loi geet et em d'Emännerung vum 75er Gesetz iwwer de Maintien de l'emploi an eng vun de wichtegen Dispositiounen an deem Gesetz as, dass fortan d'Ennerstëtzung fir de Chômage partiell op 12 Méint limitéiert gët, mä dass och trotzdeem d'Méiglechkeet besteet, wann de Comité de Conjoncture et fir noutwendeg gesäit, eng Verlängerung vun där Ennerstëtzung zouzegestoen.

Wichtig as och, dass nëmme fënnefmol hannerteneen en Automatismus pro Mount ka bestoen, fir de Chômage partiel kënnen indemniséiert ze kréien, an dass bei där sechster Demande, déi gemaacht gët, en Examen approfondi vun der Entreprise muss gemaacht gin, fir ze kucke wou da wierklech d'Problemer vun der Entreprise leien, ob se dann tatsächlech nëmme konjunktureller Natur sin oder ob se struktureller Natur sin. Wann et sech sollt eraustellen, dass se struktureller Natur sin, da gët et eng aner Méiglechkeet fir der Entreprise ze hëllefen iwwer d'Gesetz vun 1977, wou och virgesinn as de Chômage partiel ze indemniséiere bei strukturelle Problemer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Gesetz gët awer och d'Bandbreet vun der Applikatioun lücht ausgedéent doduerch, dass denen Entreprises, déi en dépendance économique sin zu där Entreprise, déi en crise as, och ka gehollef gin an, en cas de force majeure, wéi et am Text steet, och Entreprises, déi nët zu enger Branche déclarée éligible gehéieren, kënnen gehollef kréien.

Innovativ a ganz nei am Text as dann d'Tatsaach, dass och Entreprisë kënnen fir verschidden Departementer aus hirer Entreprise Kuurzaarbecht ufroen. An da kënnt een zur Konklusioun, dass bei alleguer dene Moossnamen, déi am éischten Deel vun deem Projet de loi zitéiert gi sin an agefouert gin, d'Zil doranner besteet, éischters d'Bandbreet vum Gesetz ze erweideren an et méi praxisno ze orientéieren op den Erfarunge vun dene leschte Joren.

Zwetens geet et drëm ze verhënneren, dass Betriber einfach prophylaktesch Demandë maachen an dass et doduerch éischter zu enger palliativer Behandlung kënnt amplaté dass et zu enger aktiver Ennerstëtzung vun de Betriber kënnt. Dofir as, wéi gesot, déi 6. Kéier mat engem Examen approfondi verbonnen, fir de Problemer an dene Betriber offensiv ze begéinen an eventuell ze hëllefen de Betriber aus de Problemer erauszerappen an ze verhënneren, dass e méi déif erarutscht.

E leschten Atout vun dëse Modifikatiounen as d'Tatsaach, dass duerch dëst Gesetz awer e bësse méi Flexibilitéit am Zesammenhang mat där Problematik un den Dag geluegt gët.

Den zweten Deel beschäftegt sech mam 77er Gesetz iwwer d'Croissance économique, wou et dann eben och méiglech gemaacht gët, denen Entreprises ze hëllefen, déi strukturell Schwéiegketen hun, wann eng Rei vu Konditiounen mateneen erfüllt sin. Ech brauch nët méi am Detail dorop anzegoen. De Rapporteur Marcel Glesener huet dat virdru scho gemaacht.

An deem doten Deel gët och präziséiert, dass d'Durée vun den Ennerstëtzungen, déi bei Chômage partiel a bei strukturelle Problemer un d'Entreprisë gin, nët vu virera ka festgeluegt gin, mä dass d'Dauer, während där déi Ennerstëtzung bruecht gin, nom Avis vum Comité de Conjoncture festgeluegt gët.

Ganz wichtig as, dass an deem zweten Deel vun deem Projet de loi iwwer d'strukturell Problemer an den Entreprises d'Demande muss begleet si vun engem Plan de redressement, wou d'Entreprisë sech engagéiere virzeleën, iwwer wat fir e Wee an a wat fir engem Zäitplang se wëllen aus de Problemer erauskommen, déi se hun. Dat as op d'manier fir mäi Verständnis ee vun de wichtigsten Elementer an deem doten Dossier. Hei geet et drëm d'Betriber ze responsabiliséieren, sech Gedanken drüwer ze maachen, wéi se aus där Situatioun erauskommen. Et steet am Text, wann dat dote gemaacht gët, dass et am

Aklang mat de Gewerkschaften muss gemaacht gin. Et steet och ganz klor am Text, dass eng Demande nët enfaange ka gin, wann dee Plan de redressement nët derbäi as. Also fannen ech, dass et eng héich Responsabiliséierung vun de Betriber as, déi och noutwendeg as op Grond vun den Erfarungen, déi an dene leschte Jore gemaacht gi sin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et stellt ee fest, dass beim Projet, deen hei diskutéiert gin as, am Virfeld an der Kommissioun wéi an den Avien vun den zoustännege Châmberen, souwuel d'Patronatschâmber wéi déi aner Châmberen, an am Avis vum Conseil d'Etat keng gréisser Awänn festzestellen waren. Et as also e gudden Text, wann een dat esou ka soen. An all déi, déi bis elo hei geschwat hun, hu sech jo där doter Meinung ugeschloss.

Als Konklusioun géif ech soen, dass dës Reform eng Noutwendegkeet as. Et as eng Upassung un d'praktesch Erfahrung vun dene leschte Joren, et as e Mëi u Flexibilitéit, et as eng Responsabiliséierung vun den Entreprises, mam Zil, fir qualitativ d'Kompetitivitéit vun den Entreprises ze beaflossen an aktiv an offensiv ze hëllefen, dass se aus hire Problemer erauskommen.

Dat gesot, géif ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci fir Är Opmiirksamkeet.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner as den Här Gast Gibéryen agedroen.

Här Gibéryen, Dir hut d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Als Ufank wëll ech och am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleg Marcel Glesener, souwuel als President, mä virun allem bei deem Projet als Rapporteur merci soë fir déi gutt Aarbecht, déi hien am Interessi vun deem Projet gemaacht huet.

Et as, wéi de Rapporteur gesot huet, e Projet, dee vum Ministère vun der Économie komm as, an deen an d'Commission du Travail et de l'Emploi verweise gin as, wat e gewësse Paradox as, mä wouriwwer d'Kommissioun awer frou war, dass si mat deem Projet befaasst gin as, well et jo - an do wëll ech mech och de Wieder vum President vun eiser Kommissioun, dem Här Marcel Glesener, uschléissen - nët méi allze dacks Usus as, datt d'Commission du Travail et de l'Emploi mat Projett befaasst gët, déi direkt géifen an hir Kompetenz falen. Mir hun dat schon oft an där Kommissioun diskutéiert, och an der Commission de Travail, wou d'Fraktiounsprésidente mam Châmbrepräsident zesummekommen, a wou vun eiser Fraktioun aus ëmmer festgehale gin as, dass et kee gudde Modus as, wann d'Projettën nët an déi Kommissioun kommen, déi direkt dermat befaasst as.

Wann natierlech d'Regierung Ännerungen op hirem Niveau gemaacht huet, d'Kompetenzen anescht verdeelt huet, da muss een awer och wëssen, dass op där anerer Säit hei an der Châmber déi eenzel Parteien a Fraktiounen hir Leit mat denen néidege Kompetenzen an déi respektiv Kommissiounen delegéiert hun, sou dass eiser Meinung no ganz dacks Projettën, déi den Travail betreffen, a Kommissiounen kommen, wou nët en premier lieu Leit dra sin, déi sech bis haut ëmmer mat der Gesetzgebung iwwer den Travail befaasst hun. Dat gët eis natierlech ze bedenken, ouni dene Leit awer wëllen e Virwurf ze maachen. Souwuel bei der Ausschaffung vun de Projettën an den eenzelne Ministère, wéi an der Kommissioun selwer sin

eiser Meinung no an där heiter Prozedur nët méi onbedingt déi Leit, déi sech an der Vergaangenheet déi néideg Kompetenzen erschafft hun, fir kënnen wirkungsvoll an objektiv an deem Dossier do ze schaffen.

Dofir si mir Demandeur, datt déi Projeten, déi den Travail et l'Emploi betreffen, och an déi Kommissioun solle kommen, an an déi aner Kommissiounen als Sous-commissions fir Avië sollen delegéiert gin, mä haaptresponsabel misst d'Commission du Travail et de l'Emploi bleiwen.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Däerf ech eppes dozou soen?

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlech, Här Glesener.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Ech si frou, dass Der dat dote gesot hut. Dat kann ee souguer nach ergänzen, dass a bestëmmte Fäll Leit vun de Ministären an d'Kommissioun kommen an zum Projet schwätzen, déi nët onbedingt am Gesetz matgeschafft hun.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et as dat, wat ech gesot hun, Här Glesener. Ech hu gesot, dass souwuel um Niveau vun de Ministère wéi vun der Kommissioun nët onbedingt déi Leit un de Projetë schaffen, déi sech an der Vergaangenheet Kompetenzen erschafft hun, fir an deem Domän ze wirken.

Wat de Projet schwer ugeet, sou bestong eng Eestëmmegkeet an der Kommissioun.

Mir wëssen, datt d'Chômageproblematik, wéi se sech hei am Land an an Europa stellt, nët méi einfach gët, mä dass se vun Dag zu Dag méi wäit ëm sech gräift, dass mer ëmmer méi Chômage kréien, dass och d'Problematik, fir de Chômage ze bekämpfen, ëmmer méi komplizéiert gët.

Et gët keng grouss Léisung, wou ee mat engem Schlag de Chômage kann aus der Welt schafen. Mir musse mat enger grousser Zuel vu klengere Projetë punktuell Mesüren ergräifen, fir dem Chômage ze begéinen. Dacks maache mer Gesetzer, déi vläicht nëmme fir eng Handvoll Leit gräifen, déi enger Handvoll Leit hir Aarbechtsplaz erhalen.

Och dëse Projet as keen, deen de Chômageproblem léist, mä et as e weidere Steen an deem Mosaik, dee mer brauchen, fir de Chômageproblem eng Këier kënnen Här a Meeschter ze gin.

Mir si frou, dass dëse Projet vum Minister ausgeschafft gin as. Et as e Projet, deen direkt vun Ufank un eng gutt Ecriture hat, well e praktesch esou, wéi en erakomm as, och konnt an der Schlussphas festgehalen gin.

Ech brauch nët méi op d'Detailer anzegoen. Als véierte Riedner zu dësem Projet géif ech nëmme dat widderhuelen, wat méng véier Virriedner gesot hun.

Dofir, Här President, géif ech mech kurzfaassen an eis déi Zäit erspuren, a vun onser Sait aus d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussiounsriedner as den Här François Bausch agedroen.

Här Bausch, Dir hut d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRËNG).**- Här President. Ech wollt dem Här Marcel Glesener fir säin excellente Rapport merci soen. Ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

**M. le Président.**- Den Här Minister Robert Goebbels huet d'Wuert.

**M. Robert Goebbels, Ministre de l'Economie.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech si ganz dankbar fir déi grouss Unanimité, déi sech hei ofzeechent fir dëse Projet de loi.

Ech wëll ufänken, andeem ech dem Här Marcel Glesener merci soë fir säng Aarbecht an der Kommissioun an och als Rapporteur.

Ech hätt mer gewënscht, dass de Conseil d'Etat eng ähnlech Diligence gehat hätt, wéi d'Kommissioun et gemaacht huet. D'Kommissioun huet, soubal den Avis vum Conseil d'Etat disponibel war, direkt ugefaange mat schaffen an huet eis an d'Lag gesat, fir a kürzester Zäit kënnen hei an der Châmber driwwer ze befannen.

Ech bedauern et wiirklech, dass dat iwwer zwee Jor gedauert huet, bis mer déi noutwendeg Aviën alleguer zesummen haten, an dat an engem Dossier, dee vun alleguerten als brisant ugesi gët, nämlech den Dossier vun der Aarbechtsmaartpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Wéi elo grad den Här Gibéryen gesot huet, léist dëse Projet de loi selbstverständlech nët all Problemer um Aarbechtsmaart. Ech sin awer der fester Iwwerzeugung, dass mer hei en zousätzlecht Instrument kréien, wat eis et méiglech mécht, fir bestehend Aarbechtsplazen ze retten, a fir vläicht och matzehëlfen, dass d'Betriber sech mat Zäit kënnen restrukturéieren, dass se keng Leit brauchen ze entloossen, an dann, wann et erëm Biergop geet, och nees kënnen zousätzlech Leit astellen.

Verschiede Riedner hu sech driwwer gewonnert, dass et de Wirtschaftsminister war, deen hei e Gesetzesprojet virleet, deen eigentlech an d'Kompetenze vum Aarbechtsminister agräift. Et as awer nët esou, dass de Wirtschaftsminister sech hei dem Aarbechtsminister substituéiert huet. Mir hun dat zesumme gemaacht. Ech hun an Ofsprooch mat méngem Kolleg Jean-Claude Juncker dëse Projet de loi erschaffe gelooss an en och virugedriwwen.

Dass et awer de Wirtschaftsminister as, deen hei dëse Projet de loi verteidegt, an nët den Aarbechtsminister, kënnt einfach aus enger gewësser historiescher Entwécklung eraus. De Comité de Conjoncture huet laut Gesetz zwee Co-Präsidenten: dat as den Aarbechtsminister an de Wirtschaftsminister. Or, et huet sech awer agebiergert, dass iwwer all déi Joren den Aarbechtsminister dem Wirtschaftsminister do de Virtrëtt gelooss huet, well ganz oft méi wirtschaftspolitesch wéi aarbechtspolitesch Problemer am Comité de Conjoncture diskutéiert gin, an et eigentlech e hësschen iwwerflësseg wär, fir zwee Ministeren ze mobiliséieren, fir esou eng Sëtzung ze présidieren.

Sou kënnt et, dass de Wirtschaftsminister also all Mount normalerweise de Comité de Conjoncture présidéiert. An ech muss Iech soen, et as eng vun dene Sëtzungen am Mount, déi fir mech am stimulantsten as, well de Comité de Conjoncture am Laf vun der Zäit en Aarbechtsstil entweckelt huet, deen esou exemplaresch beim Stat iwwerall misst sin.

Dir wësst, am Comité de Conjoncture sëtze Verrieder vun enger Rëtsch Ministère respektiv Administratiounen, wéi d'Administration de l'Emploi beispillsweis. Et sëtze Verrieder do vun de Chambres professionnelles, vun de Patronaatsorganisatiounen, vun de Gewerkschaften. D'Diskussiounen an deem Gremium sin esou offen an

ëierlech, wéi ech mer dat eigentlech iwwerall géif wënschen. Et ass e permanente "lieu d'échange" iwwer d'Situatioun vun eiser Wirtschaft, vun den eenzelne Secteuren a vun den eenzelne Betriber. Et gëtt ëmmer versicht am Comité de Conjoncture de Betriber ze hëllefen, fir domadder och kënne dem Salariaat ze hëllefen, dat an de Betriber beschäftegt ass. Wéi gesot, dat geschitt op Grond vun engem wäirkleech bemierkenswäert offenen Dialog zwëschen alle Sozialpartner an de Staatsvertrieder.

Mir hun awer am Laf vu de Jore gemierkt, dass eis bestehend Gesetzgebung gewësse Laken hat, respektiv dass een op Grond vun der bestehender Gesetzgebung net ëmmer d'Möglichkeit hat, fir preventiv ze wirken, fir dass d'Aarbechtsplaze kënnen erhalen gin.

Laken hu mer zum Beispill gemierkt, wann do e Betrib war, dee Schwiregketen hat, déi unerkannt waren, an deem da Chômage "pour cause conjoncturelle" gemaacht huet, also während enger gewësser Zäit de Betrib zougesat huet. Dann hong zum Beispill un deem Betrib eng Kantin, déi vun engem aneren exploitéiert gin ass. Or, d'Kantin war net éligibel, hat awer keng Clientèle méi, well de Betrib zou war, sou dass dann de Bedreier vun där Kantin net an der Lag war, fir fir déi Leit, déi fir hie geschafft hun, och eng Ennerstëtzung vum Stat ze kréien. Dat huet eis net normal geschéngt, an dafir hu mer hei d'Dispositioun geschafen, dass an esou Fäll de Comité de Conjoncture dem zoustännege Minister respektiv dem Conseil de Gouvernement ka proposéieren, fir an deem Moment dee Betrib, dee vun deem aneren ofhänkt, dann och an de Bénéfiss vum Chômage conjoncturel kommen ze loossen.

Nach en aner konkret Beispill. An engem bestëmmte Betrib, deem héichspezialiséiert Abteilungen hat, war an enger Abteilung keng Aarbecht, an denen aneren Abteilungen hu missen Iwwerstonne gemaacht gin. Da verbitt eis Gesetzgebung, fir deem Betrib ze hëllefen. Elo hu mer awer am Comité de Conjoncture unanime festgestallt, dass et onnéiglech war, fir déi spezialiséiert Aarbechter, déi nëmmen op bestëmmt Maschinn forméiert waren, einfach vun haut op muer enzwousch anescht anzesetzen an doduerch Iwwerstonnen ze vermeiden. Dofir hu mer gemengt, dass et gutt wir, wann an esou Fäll déi noutwendeg Flexibilitéit do wir, woubäi mer selbstverständlech am Dialog mat de Gewerkschaften an de Patronatsorganisatiounen Abüé wäerte verhiinnen. Wann een awer a Contrainten erakënnt, da kann een och reagieren.

Ech kënnt weiderfuere mat esou Beispiller, mä ech mengen, dat bréngt et net. Ech wëll awer op eng aner Evolutioun hiweisen, déi sech am Laf vun de Jore gewisen huet an déi net gutt war.

Mir hun ëmmer nees Mount fir Mount misse feststellen, dass eng ganz Rëtsch Betriber gewëssermonse preventiv gefrot hun, fir "chômage pour cause conjoncturelle" ze maachen, an dann hu se en herno net genotzt. Elo kënnt ee soen, dat ass net schlëmm. Et ass effektiv net schlëmm, mä et gëtt e falscht Bild no baussen, wann da gesot gëtt, den nächste Mount sin 9, 10, 11 oder 12 Betriber am Chômage an a Wäirklechkeet waren et der heiansdo nëmmen een oder zwee. Dat heescht also, et war e falsche Message no baussen iwwer d'réal Situatioun an eisem Land.

A virun allem hate mer ganz oft d'Situatioun, dass Betriber praktesch "des abonnés permanents" waren am

Comité de Conjoncture. Mount fir Mount ware se ëmmer nees do. Stereotyp kount d'Demande eran, ass genotzt gin oder net genotzt gin. A mir haten der och, déi se en permanence genotzt hun. Wéi verschidde Riedner gesot hun, ass dann net nëmme méi e konjunkturrelle Grond do, mä e strukturelle Grond. An da geet et net duer, fir all Mount öffentlech Gelder ze mobiliséieren, fir Aarbechter a Beamten ze indemniséieren, wa se doheem bleiwen an de Betrib rout, mä da muss ee kucken, wat ass den déiwe Grond vun der Kris an deem Betrib.

Hei gi mir eis d'Instrument, fir an esou Fäll kënnen ze soen: sou, sechsmol waart Dir elo do, elo maache mir eng approfondéiert Enquête, sëtzen eis zesummen, déi konzernéiert Administratioun mam Betrib, mat de Gewerkschaften, déi am Betrib sin, a kucken: Wat sin d'Problemer vum Betrib? Kënne mir lech net hëllefen zu engem Zäitpunkt, wou et nach net ze spët ass? Well ganz oft kounten déi Betriber eréischt bei de Stat kräischen, wann d'Kand schon am Pëtz loug.

Ech verrode kee Geheimnis, wann ech soen, dass esou Betriber wéi d'Cérabati oder d'Usines de Wecker während Joren "des abonnés" ware beim Comité de Conjoncture. A während Joren huet de Stat ëmmer nees do investéiert an et wouss jidderéien am Comité de Conjoncture, dass déi Betriber à terme net ze rette waren. Si si jo à terme och gestuerwen.

**Une voix.-** D'Casa.

**M. Robert Goebbels, Ministre de l'Economie.-** Ech kënnt nach Beispiller nennen.

Mir wollten eis hei en Instrument gin, wou mir och musse de Courage hun, fir zu engem Betrib ze soen, esou geet et net virun. Mir kënnen net all Mount zousätzlech Steiermilliounen an e Betrib pompelen, fir d'Paien zwar ze bezuelen an de Betrib huet awer keng Iwwerleiwenschance. Domat ass a leschter Analys och net dem Salariaat an deem Betrib gehollef.

Mir hu vill aner Beispiller, déi ech net wëll nennen, wou mir eis mat Zäite mam Betrib zesummesetze konnten: de Wirtschaftsministère, den Aarbechtsministère, d'Administration de l'Emploi, eventuell d'Administration de l'Environnement, wann e Problème environnemental war, a wou mir dann am Dialog mat de Gewerkschaften a mat de Patronatsorganisatiounen Léisunge fond hu fir déi Betriber. Ech kënnt lech Betriber nennen, déi mir iwwer dee Wee gerett hun an déi sech iwwer dee Wee total restrukturéiere konnten, an déi haut ganz profitabel Betriber sin.

Ech si frou, dass sämtlech Bänke vun dëser Châmber agesinn, dass mir eis hei een Instrument schafen, dat mer à bon escient wëllen asëtzen, fir eise Betriber ze hëllefen, déi an enger konjunkturrell schwireger Situatioun sin, wéi dat de Sënn vum ursprüngleche Gesetz war. Mä wa mer mierken, dass déi Betriber a strukturell Schwiregketen erarëtschen, da wëlle mer dann och kënne intervenéieren, fir d'Betriber an eng "logique de restructuration" kënnen eranzewängen. A wann de Betrib dat net wëllt, dann ass dat séng Décisioun, mä da kritt en och keng Subventioun méi vum Stat.

Dat ass dann d'Logik an ech hoffen, dass mer de Courage hun am Comité de Conjoncture an am Regirungsrout, och déi Logik bis zu Enn ze denken, wann ee wierklech gesäit, dass do e Betrib kuurz virum Doud ass a sech selwer net méi wëllt hëllefe loossen, oder him net méi ze hëllefen ass. Dat ass eng Konsequenz, déi een dann och muss droen.



Et as n'et einfach esou Décisiounen ze huelen. Ech hat schon esou Situatiounen, dat wësst Der alleguer. Mä mir kënnen n'et verschidde Betriber dauernd mat enger Pipeline um Staatsbudget hänken hun, an déi aner Betriber, déi musse sech um Maart behaapten. Dat as och n'et gutt an n'et gesond an enger Wirtschaft.

Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Unanimitéit, déi mir elo wäerte kréien. Ech sin iwuerzeeget, dass mer dem Stat en Instrument utile gin, fir a Richtung plein emploi ze suergen.

**M. le Président.** - D'Diskussioun as ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4104 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Norbert Konter)*

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen of iwuer de gesamte Projet de loi 4104.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi 4104 sin, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4104 as eestëmmeg mat 57 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marcel Glesener), MM. François Biltgen (par M. Edouard Juncker), Willy Bourg (par M. Pierre Frieden), Lucien Clement, Nicolas Estgen (par M. Nicolas Strotz), Luc Frieden (par M. Lucien Clement), Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis (par M. Ady Jung) et Lucien Weiler (par Mme Marcelle Lentz-Cornette);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mars Di Bartolomeo (par Mme Françoise Kuffer), Mme Lydie Err (par M. Camille Weiler), MM. Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger (par M. Jean-Paul Rippinger), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Henri Grethen (par M. Carlo Meintz), Carlo Meintz, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner), MM. Jean-Paul Rippinger et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

As d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Als nächste Punkt op eisem Ordre du jour hu mer zwou Questions avec débat. Mir kommen zur Question 1 avec débat, déi vum Här Jacques-Yves-Henckes abruecht gin as. Den Här Henckes huet d'Wuert:

## 5. Question 1 avec débat de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'extension de l'aéroport de Luxembourg

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den 13. Juni 1996 bei Geleënheet vun dem Vote iwuer de Projet de loi betreffend d'Extensioun vum Flughafen hat d'Chamber mat enger ganz larger Majoritéit eng Motioun ugeholl, déi vum Här Jeannot Krecké am Numm vun de Majoritéitsparteien abruecht gi war, där sech déi aner Fraktiounen an och d'ADR-Fraktioun ralliiert haten, wou d'Regierung opgefuerdert gin as, fir ze kucken, dass deen zukünftegen Ausbau vum Flughafen misst den ekonomeschen Noutwendegkete Rechnung droen, mä dass awer och misst dem Impakt vun de Flughafenaktivitéiten op den Environnement Rechnung gedroë gin, en Environnement, deen natierlech n'et nure Mënsche betrëfft, mä och d'Fauna.

An deem Kontext muss ee festhalen, dass zënter Juli 1996 anscheinend op e puer Punkten eppes geschitt as an op aneren näischt. D'Populatioun as jiddendfalls n'et au courant, wat genau décidéiert as, wéi déi Motioun korrigéiert gin, an dofir hätt ech gäre verschidde Froen un de Minister gestallt, fir ze kucken, wéi déi eenzel Deler, déi an der Motioun enthalen waren, bis haut realiséiert gi sin, dat heescht, annerhalleft Jor duerno.

1. Fir wat as d'Etude d'impact global iwuer d'Nuisancen, déi duerch de Flughafen entstinn, bis elo nach n'et realiséiert gin?

2. Fir wat sin all Installatiounen vum Flughafen bis elo nach n'et der Kommodo-Inkommodo-Prozedur ënnerworfen gin, esou wéi d'Gesetzgebung vun 1990 an d'Direktiv iwuer d'Etudes d'impact et virgesinn? Wéi wäit si mir bis elo an där Prozedur, weil déi schéngt nach n'et ofgeschloss ze sin?

3. As eng Revisioun vun den Taxes d'atterrissage virgesinn, wou eng Surtaxe géing virgesi gin, wann en Nuetsfluch realiséiert géif? Wann neen, wéini soll dat geschéien?

4. Wou as d'Regierung drun an hire Reflexiounen iwuer den eventuelle Bau vun enger Station pour essais-moteur?

5. Si scho verschidde Mesuragé gemaacht gi wat de Kaméidi, d'Loftverschmutzung an d'Waasserverschmutzung ugeet? Wann neen, wéini sollen déi realiséiert gin a wéini solle se bekannt gemaacht gin?

6. Huet d'Regierung déi néideg budgetär Mëttele virgesinn, fir de Bürger ze informéieren, notament duerch eng järelech Publikatioun vun enger Broschür iwuer d'Aktivitéiten vum Flughafen? Wa jo, wat sin déi Mëttelen? A wann neen, wa gedenkt d'Regierung déi néideg budgetär Mëttele virzugesinn?

7. Fir wat as d'Commission tripartite permanente vun de Vertrieder vun der Regierung, dem Flughafen, de Flughafengesellschaften an den Associatiounen, déi d'Bürgerinteresse vertrieden, nach n'et a Plaz gesat gin? Wéini soll dat geschéien?

8. As et richteg, dass nei Pläng bestinn, fir de Cargozone auszebauen, respektiv fir de Flughafen auszebauen an dass diesbezüglich Demandé scho bei den zoustännegen Kommissiounen an Administratiounen abruecht gi sin? Déi Informatioun as mir gi gin vun engem héijere Beamten vun de Bâtiments publics. Ech hoffen, dass se esou stëmmt.